

Kolibri Kolibra

E Buch fir Kanner vum CDAIC

D'Autore stellen hiert Buch esou fier:

"Kolibri Kolibra" as e Geschichtebuch fir Kanner vu 4 Joer un. D'Geschichte kommen aus ville Länner, Leit aus dene Länner liewen a schaffe bei eis zu Lëtzebuerg. All d'Geschichten aus dësem Buch si verschidden: mir fannen aner Farwen, aner Téin, aner Biller. Awer all soë se dat selwecht: Wann een deem aner helleft, get alles vill méi liicht.

D'Geschichte sin op lëtzebuergesch émgeschriwwe gin. Et as also e lëtzebuergesch Buch mat lëtzebuergesche Wieder. "Kolibri, Kolibra" soll hëlfen, datt di auslännesch Kanner Lëtzebuergesch méi liicht ophuelen, well déi Sproch och hir Geschichte verzielt."

Dat wat hei "Geschichte" genannt gëtt, sin zum gréissten Deel Volleksmärcher. Doduerch dass an

dësem Buch Määrcher aus aller Welt zesumme gedroen an iwwersat goufen, as a méngen Aen dat Wichtegst, wat e Vollek huet, dat wat et duerch Jorrhonnerten erliewt, verspiert a verschafft huet, dat wat et am Déifsten vu séngem Menschsin ergräift, hei de Kanner duergeluecht. Dat mécht, mengen ech de Wäert vun dësem Buch aus. D'Määrcher sin iwgrens ganz gutt iwwersat.

Wat mech émmer 'rém erstaunt, as, datt wann ee Määrcher liest, déi sech a ganz anere Kulturkreser, wäit wäit vunenaner erwech entwéckelt hun, een émmer 'rém déi selwecht Problemstellungen a Léisungsvierschléi fënnt. All Kulturkrees huet séng Materialien, déi en a séngem Emfeld fënnt a benotzt.

D'Grondthemen sin op der ganzer Welt déi selwecht. Wann een also d'Iddi wëllt vermittelten, déi den

CDAIC sech proposéiert huet, da kann ee kee bessert Mëttel fannen wéi, durch d'Volleksgutt vun de Määrercher, d'Vielfalt an d'Enheet vun de Mënschen ze demontréieren. D'Määrercher hun eng Billersprooch, déi d'Kand onbewosst ophëllt, an déi fir d'Entwicklung vum Kand vu gréisster Wichtegkeet as.

"**Kinder nehmen diese geheime Bedeutung noch naiv, unbwußt auf, sie wird von ihnen empfunden**", seet d'Christa Meves.

"Die Bilder des Märchens dienen also unserer Orientierung. Deshalb müssen wir ein solches Bild mit unserer Phantasie umspielen, um es in unseren Innenraum zu nehmen," schreift d'Félicitas Betz.

- Die Bilder der Märchen mit unserer Phantasie umspielen - Sou e Märchen, sou eng Geschicht ergräift d'Kand also a séngem Ennersten a soll Biller, énner Biller bei him produzéieren. Sidd mer nüt béis, wann ech elo soen, dass d'Comicbiller wéi se an désem Buch gemoolt sin, fir mech eng onpassend Art a Weis duerstellen, fir vun engem Märchen op dat anert iwwerzéleden. Och d'Dialogen an d'Spréchelcher, déi a sech gutt a flott an interessant sin, fannen ech am Buch onpassend als Iwwergang.

Fir e Verglach ze gin, wéi ech dat emfannen: 'T as wéi wann ee, fir Kanner e Literaturbuch méi schmackhaft ze man, zwëschen all Kapitel e klenge Krimi géing astreën.

Verstitt mech gutt: Ech fannen dem Romain Lenertz seng "Hänkipäni"-Figur gekonnt gemoolt a liesen dem Guy Rewenig séng Texter gär, mä si splécken d'Buch an zwou Welten.

D'Buch as annoncéiert fir Kanner vu 4 Joer un. Ech hun a Klasse mat 7-9-jährege Kanner d'Biller gewisen, mat der Comicfigur "Hänkipäni". An där enger Klass hun d'Kanner sech drop gëenegt, dass do eng Kou gemoolt wier, an enger anderer Klass hu se gezéckt zwësche Kou an Iesel. Comicfigure fanne kleng Kanner nüt witzeg. Si verssti se nüt. Méng Kanner an der Schoul konnten och d'Schrëft vum Titel vum Buch nüt liesen. D'Kanner brauche kloer Buchstawen, kloer Texter a Biller.

D'Iddi vun enger "Basteldanzrezeptspillerlidder-sammlung" fannen ech gutt a si sin eng flott Ergänzung zu de Määrercher. D'Kanner kënnen déi doheem fir sech profitéieren, oder am Grupp oder der Schoulklass ausprobéieren. Bei engem Spill, engem Danz, enger Bastelaarbecht bleift d'Kand bei sech, et verdéift eppes a sech. Looss mer eis Kanner unhalen, erëm bei an zou sech ze fannen a nüt némme vu bausse sech opdréien ze loassen.

D'Buch "Kolibri Kolibra" kënnt Der bestelle beim CDAIC (Centre de Documentation et 'Animation Interculturelle), 10, rue Auguste Laval, L-1922 Luxembourg, Tél: 43 83 33

Renée Estgen-Mertens